adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Aus gutt informéierte Kreesser ass mir zougedroe ginn, datt den Ëmweltministère e Gesetzesprojet an der Virbereedung huet, fir no de Steeën vun de Juegdlousen d'Juegd Sonndes an op Feierdag ze verbidden. Et muss een dobäi wëssen, datt sämtlech Juegd-Lousen dëst Joer nach an d'Stee kommen. An deem Kader wär deen anscheinend geplangte Gesetzesprojet ganz onglécklech, well doduerch vill Leit, déi, wat d'Aarbechtszäiten ugeet, staark gebonnen, respektiv, limitéiert sinn, an Zukunft net méi un de Juegte kënnen deelhuelen. Dëst wäert natierlech dann och en negativen Afloss op d'Steeën hunn, wann d'Leit wëssen, datt si an Zukunft a hirer zäitlecher Flexibilitéit fir op d'Juegd ze goen, staark ageschränkt sinn.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, datt esou ee Gesetzesprojet an der Planung ass?
2. Wa jo, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, datt een op déi Manéier d'Leit beduckst, wann een hinnen dës Informatiounen net scho virun de Steeë matdeelt?
3. Wa jo, ass d'Madamm Ministesch an deem Kontext net der Meenung, datt déi geplangte Mesuren eng Diskriminatioun vu alle schaffende Leit duerstellt, déi zäitlech manner flexibel sinn an domat zum groussen Deel an Zukunft vun der Juegd wäerten ausgeschloss ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742